ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Mars di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, Um Krautmaart,
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 28. Mäerz 2017

Här President,

Esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir sozial Sécherheet weiderzeleeden.

Den Artikel 60 quater vum Code iwwert d'sozial Sécherheet huet de „gemeinsame Fleegedossier", no der franséischer Ofkierzung och nach DSP genannt, agefouert. Dës Dossiere gi vun der Agence eSanté, engem Groupement fir ekonomesch Interessien (G.I.E.) verwalt.

Am Abléck ginn d'Leit mat Bréiwer doriwwer informéiert, datt eng Pilotphase gestart ginn ass, an datt hir gemeinsam Fleegedossieren accessibel sinn. Dëse Bréif, deen och un eeler Assurée geschéckt gëtt, ass awer exklusiv op Franséisch verfaasst (emol ofgesi vun e puer englesche Wierder). Et ginn zum Deel Fachausdréck gebraucht, wou och Leit, déi d'Sprooch vum Molière beherrschen, mussen en Dictionnaire zu Hand huele fir alles ze verstoen.

Dëst ass ëmsou méi ze bedaueren, wëll den Internetsite vun der Agence an e puer Sproochen ass, dorënner och Lëtzebuergesch. D'Ressourcen, fir och d'Matdeelungen iwwer Bréif an e puer Sproochen ze verschécken – dorënner Lëtzebuergesch – bestinn also.

Dowéinst wéilt ech dem Här Minister dës Froe stellen:

1) *Deelt d'Regierung d'Meenung, datt besonnesch wann et ëm d'Gesondheet geet, d'Leit sollen an „hirer" Sprooch informéiert ginn?*
2) *Gëtt d'Informatiounsblat „Information clé – L'essentiel du DSP" nëmmen op franséisch verschéckt? Wa jo, wéi sou?*
3) *Ass den Här Minister gewëllt, d'Agence eSanté unzeweisen, des Schlëssel-informatiounen an e puer Sproochen, dorënner och Lëtzebuergesch, ze verschécken?*

Mat déiwem Respekt,

Gast Gibéryen
Deputéierten